ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

An Däitschland lafen aktuell Diskussiounen, ob Elektroautoe vum Hiersteller Tesla nach a Wäschanlagen däerfen erafueren. Et gëtt an Däitschland schonn e konkrete Fall, wou e mëttelgrousse Bedreiwer vu Wäschanlagen et de Besëtzer vun Tesla-Autoe verbitt, seng Anlagen ze benotzen. Grond dofir ass, datt d'Elektronik vun dësen Autoe bei der Wäsch Problemer ka maachen. Dëst huet dozou gefouert, datt Waasser konnt andréngen an d'Autoe beschiedegt goufen, wouduerch de Besëtzer vum Auto deemno wéi och seng Garantieusprëch verléiert.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Sinn dem Här Minister bis dato Fäll bekannt, wou et bei Elektrogefierer zu Problemer komm ass, wann dës an eng Wäschanlag eragefuer sinn?
2. Gedenkt den Här Minister am Hibléck op déi uewe beschriwwe Faiten eventuell Recommandatiounen auszeschaffen, fir de Besëtzer vun engem Elektroauto ofzeroden, eng kommerziell Wäschanlag ze benotzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten